

Lëtzebuerg, den 6. Mee 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Den Tram ass zënter senger Aféierung quasi Affer vu sengem eegenen Erfolleg ginn. Esou kéim et an der Lescht ëmmer nees dozou, dass den Tram an de Spëttestonnen komplett iwwerfëllt ass, soudass d'Leit deelweis laang musse waarden, fir een Tram ze kréien an deem nach Plaz ass.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- Kann den Här Minister dëst confirméieren?*
- Wa jo, wéi gedenkt den Här Minister d'Situatioun ze verbessern? Ass zum Beispill virgesinn, an de Spëtzenzäiten den Takt ropzesetzen oder e Wagon bäizesetzen?“*

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu